70. Gebuertsdag vum Cercle Philatélique

de la Vallée de l'Eisch Klengbetten

85. Journée du Timbre

Den 10. Oktober 2026 war d'Ouverture vun der 85. Journée du Timber, der Ausstellung vum Timbersveräin Klengbetten. Memberen vum PlacoMusoLux Veräin Lëtzebuerg an Ciné Photo Club Objectif 2001 Stengefort hunn och ausgestallt. Ronn 100 Leit waren der Invitatioun no koum. 21 Timbersaussteller hunn deelgeholl, verdeelt op 94 Kaderen, dovun 10 Aussteller a Competitioun . No de Rieden hunn d'Invitéen sech den Éierewäin, offréiert vun der Gemeng Stengefort, souwéi d'Amuse-bouche mat Austeren, Saumon fumé, Foie gras a ville aner gudde Saachen, offréiert vum Timbersveräin Klengbetten, schmaache gelooss. Vill Erfolleg haten déi ganz schéi ënnerscheedlech Sammlungen. Besonnesch d'Sammlung mat der Ein-Penny-Marke aus England ass bewonnert ginn. Sonndes hunn vill Leit aus dem Duerf a Clienten aus dem Restaurant dovunner profitéiert d'Aussteelung ze kucken an eng aaner Siicht op déi verschidden Theemen ze kréien.

Bei der Geleegenheet vun der 85. Journée du Timber huet d'Post den Timber mam Waassertuerm vu Klengbetten erausbruecht. Den éischten ënner dem Buedem leienden Waasserbehälter huet d'Gemeng Stengefort 1911 opgeriicht. 1953 ass de Waassertuerm, deen um Timber ass, zu Klengbetten um Bechel gebaut ginn. En ass 23 Meter héich, steet op 6 Betonpilieren a faasst 265 Kubikmeter Waasser. D'Héicht vum Waasserspigel ass 370,62 Meter. 2003 ass en zweete Waassertuerm zu Stengefort dobäi komm mat 1000 Kubikmeter Fassungverméigen. Säit dësem Joer gëtt um 3. Waasserreservoir zu Klengbetten gebaut.

Mir als klenge Veräin si frou, datt mir esou eng grouss Ausstellung konnten op d'Been stellen. E grousse Merci geet un de PlacoMusoLux fir d'Ausstelle vun de Cremant a Mousseux Kapselen, un de Ciné Photo Club Objectif 2001 fir d'Fotoen aus der Gemeng. Och un den Artist Carlo Schneider gebierteg vu Klengbetten, dien dësen Timber, no enger Foto vum Herr Berens, gemoolt huet. E Merci och dem de Club fir d'Hëllef mat de Kaderen, der Gemeng Stengefort fir de Patronnage an den Transport vun de Kaderen, un Post fir dat mir dësen Timber kritt hunn an un FSPL datt mir des Journée du Timbre konnten organiséieren.

A jidderengem eenzel Merci fir seng Präsenz.

Aloyse Jacoby

President vum Timbersveräin Klengbetten

Vize-President vun der FSPL

An der Competitioun hunn deelgeholl

Aberer Bernd: Von Südrhodesien nach Simbawe, der lange Weg zur Unabhängigkeit 80 Punkten GV

Doose Hans-Ulrich: Großherzogtum Luxemburg Ganzsachen und ihre Vorläufer von 1870 – 1880 95 Punkten GG

Zehender Eva: Das Osmanische Reich im Ersten Weltkrieg 82 Punkten GV

Zehender Eva: Ich glaub die seh'n wir nimmer. Die k. u . k. Truppen in der Türkei 85 Punkten G

Zehender Franz: Die Geschichte der Ein-Penny Marke von Großbritanien von 1840 – 1879 92 Punkten GG

Zehender Eva: Die Post in der Vorphilatelie Europas und ihre Bedeutung für den Versand textiler Muster 88 Punkten G

Schneider Roland: Besonderheiten Charlotte, Krone/Ch 70 Punkten GS

Schneider Roland: Postkartenformulare IV-VII 80 Punkten GV

Schneider Roland: Die Ganzsachen aus der Druckerei Mathias Huss 1918 – 1930 77 Punkten V

Kinard Francis: Les 100.000 Fils de Saint-Louis 80 Punkten GV

Net an der Competitioun

Kraemer Bernard: Journée du Timbre Curiosités

Schumacher Cedric: La Poste à l'étranger. Souvenirs offerts

Kensing Uwe: Nobodi is perfect

Piron Jeannot; Feuilles de Timbres meng Post.lu

Jacoby Aloyse; Die Post in Kleinbettingen

Jacoby Aloyse: Ansichtskarten Kleinbettingen

Jacoby Aloyse: Ortswerbestempel

Kensing Uwe: Luxemburg Portoerhöhung am 01.09.2022 am Beispil der ATM

Kensing Uwe: Helgoland – da will ich hin

Grosch Roby: Blumen und Blüten in Europa

Cercle Philatélique: Timbereveräin Klengbetten 1956 – 2026

Am Jury : Böttger Lars President, Westendorf Hannes, Wijnants Pol, Jungblut Guy, Kirsch Michel (élève)